PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 24/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

The Brussels Times beriicht an engem Artikel vum 21ten August 2020 doriwwer, datt *AstraZeneca,* eng Firma an der Pharmaindustrie mat Sëtz a Groussbritannien, drop an drun ass een éischte Vaccin géint de Sars-Cov-2 op de Maart ze bréngen. D'EU-Kommissioun hat an engem Communiqué vum 14ten August 2020 beriicht, datt mat besotener Firma een Accord ofgeschloss gouf, deen ee Virkafsrecht fir 300 Milliounen Dosissen – an eventuell weider 100 Millioune weider Dosissen – vum Coronavirus-Impfstoff virgesäit, ënnert der Konditioun, datt den Impfstoff noweislech sécher ass.

Wéi *The Brussels Times* weider schreift, wéilt d'Firma awer zu deem Moment, wou den Impfstoff op de Marché kënnt, fir véier Joer keng Responsabilitéit iwwer méiglech Nieweneffekter iwwerhuelen. Dës Method wär zwar gängeg an den USA, ma net an der EU, wou mer u sech d'Reegel hunn, datt Firme fir d'Nieweneffekter vun defekte Produkter haften. Déi belsch Gesondheetsministesch huet géint esou eng "Net-Haftungs-Klausel" schonn hire Widderstand op europäeschem Niveau ugekënnegt, wéi d'Zeitung weider schreift.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Dosissen vum Impfstoff géint de Coronavirus kritt Lëtzebuerg vun der EU-Kommissioun zougesprach?

2. Kann d'Regierung confirméieren, datt di uewe beschriwwen "Net-Haftungs-Klausel" keen Deel vum Accord ass?

3. Wéi gesinn di generell Konditioune vum Accord tëschent der EU, Lëtzebuerg an *AstraZeneca* aus? Wéi eng Obligatiounen hunn di jeeweileg Vertragspartner?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député